

Blëtz A.S.B.L. sensibiliséiert a begleet

Preventiounsdag fir Hiereschlag


Julie Thilges | Update: 29.10.2025 22:41 | [1 Commentaire\(n\)](#)

Et ass déi zweetheefegst Doudesursaach, an och den zweetheefegste Grond fir Beanträchtegen: Den Hiereschlag.

Den 29. Oktober ass Welttag fir d'Preventioun vum Hiereschlag, och AVC (Accident Vasculaire Cérébral) genannt. Et ass déi zweetheefegst Doude Welt, no der koronaler Häreerkrankheet.

Et ginn zwou Zorte vum AVC: de méi heefegen ischämesche Schlag (Durchblutungsstéierung am Gehier), an den hämorrhagesche Schlag (Gehiir deen dacks duerch Accidenter verursaacht gëtt).

Am Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) zu Esch huet d'Blëtz A.S.B.L. fir de Welttag e Stand opgeriicht, mat deem si sensibiliséiert an informéiert. D'Chantal Keller, d'Präsidentin vun der A.S.B.L., hat selwer 2007 en AVC als Folleg vun engem Häreerzinfarkt. De Schlag selwer huet sech mat engem "Dat ass eng kuerz Zäit, dass déi Symptomer kommen. Dat heescht, bei mir ass an enger Honnertstel Sekonn e Glas op de Buedem gefall. Anstatt, d'Spidol gaange sinn, hunn ech gewaart. Dat war owes um 22 Auer. Moies um 9 Auer hunn ech dann de ganze Schlag gemaach." D'Chantal war 55 an d'Spidol gaangen.



En AIT ass eng Durchblutungsstéierung vum Gehier, déi en typesche Virleefer vum Schlag ass, erkläert d'Chantal Keller, an et wier wichteg, direkto goen: "Wann ee während engem kuerze Moment net ka schwätzen, ass et wichteg an d'Spidol ze goen. Well all d'Neurologe wëssen direkt Bescheed, 24 Stonnen do, an do gëtt gesicht, wat ass d'Ursach vun engem AIT, an da gëtt ee behandelt." Mat dëser Behandlung geet och de Risiko, an Zukunft maachen, erof.

Zu Lëtzebuerg hunn an der Moyenne véier Leit pro Dag e Schlag. 60 Prozent vun de Betreffene hu laang Zäit negativ Suiten. An dëst ass net op en Altersgrupp begrenzt: pro Joer sinn et 6 bis 10 Kanner, déi en AVC hunn.

Nieft der Sensibiliséierung an Informatioun begleet d'Blëtz A.S.B.L. déi Betreffen an hir Familljen.

AVC erkennen

Mam F.A.S.T.-System sollen d'Leit en Hiereschlag méiglechst fréi erkennen. Ma fir wat steet F.A.S.T. eigentlech?

- F – Face: Kann d'Persoun laachen? Ass d'Laache symmetresch?
- A – Arms: Kann d'Persoun béid Äerm hiewen?
- S – Speech: Kann d'Persoun kloer an däitlech schwätzen an artikuléieren?
- T – Time: Wann eng vun dëse Froen mat "Nee" beäntwert gëtt, soll schnellstméiglech eng Ambulanz geruff ginn.
-

AVC Risikogruppen

Verschiede Leit lafen éischter Risiko, e Schlag ze maachen. Dorënner sinn déi mat héijem Bluttdrock der héijem Cholesterol, Diabetiker, Leit déi fënn drénken, an déi, déi wéineg Beweegung hunn.